N° 7160
Entrée le 11.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht & Gesondheet weiderzeleeden.**

Tuberkulos ass eng bakteriell Erkrankung, déi an den heefegste Fäll d'Longe betrëfft. Si ass net héisch ustiechend, kann awer fir Risikogruppe geféierlech ginn. Mir ass zougedroe ginn, dass an eise Schoule momentan eng Réi vu Schüler a vum Léierpersonal sech mat dëser Krankheet infizéiert hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei vill Fäll vun Tuberkulos sinn et an deene leschte 6 Méint ënnert de Schüler an dem Leierpersonal ginn?
2. Wéi solle Schoulen handelen, am Fall wou e Schüler oder eng Persoun vum Schoulpersonal un Tuberkulos erkrankt?
    - Wiem musse Fäll gemellt ginn?
    - Am Respekt vum Dateschutz, wien muss iwwert een Infektiounsrisiko informéiert ginn?
    - Wat fir sanitär Mesurë soll d'Schoul eventuell huele fir eng weider Verbreedung ze verhënneren?
3. Bidden d'Ministèren hei Guidelines un, wéi d'Schoul mat Tuberkulos Fäll soll ëmgoen?
4. Wéi schaffe Schoulen a Ministèren an dëser Hisiicht zesummen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten